Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Entrée le 26.11.2025

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. November 2025

Här President,

esou wéi den Artikel 88 vum Chambersreglement et virgesäit, wéilt ech heimat eng Interpellatioun ufroen, déi d'**Integratioun vun den Ausländer zu Lëtzebuerg** als Theema huet.

Nom Zweete Weltkrich war Lëtzebuerg e Land, wou nach praktesch keng Ausländer gelieft hunn. Zënter de 60er Joren ass d'Zuel vun den Ausländer awer staark geklomm, besonnesch an deene leschten 20 Joer. Esou si mëttlerweil bal 50% vun den ongeféier 682.000 Awunner zu Lëtzebuerg Ausländer.

Wann een déi duebel Nationalitéit mat berécksiichtegt, sinn et ronn 60% Awunner, déi eng auslännesch Nationalitéit hunn. Lëtzebuerg ass dat éischt OECD-Land, wou méi wéi d'Hallschent vun den Awunner (51,2%) am Ausland gebuer goufen.

Dës demographesch Verännerung bréngt bedeitend Erausfuerderunge mat sech.

An deem Zesummenhang sollen ënner anerem follgend Punkte behandelt ginn:

- d'Zesummeliewen an enger staarker Gesellschaft mat Gemeinschaftssënn an Zesummenhalt;
- d'Noutwendegkeet vun enger séierer an nohalteger Integratioun vun den Ausländer an eis Gesellschaft;
- d'Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg, besonnesch an de Schoulen an am ëffentleche Liewen;
- d'Erhale vun der Lëtzebuerger Identitéit a Kultur.

D'Interpellatioun riicht sech un den Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil an un den Här Kulturminister.

Mat déiwem Respekt,

Keup

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**